

Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 22. Juli 2022

Här President,

Esou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend an un den Här Minister fir Héichschoul a Fuerschung weiderzeleeden.

D'Schüler hunn hei zu Lëtzebuerg all en IAM-Kont (Identity and Access Management), deen et hinnen erlaabt, op déi digital Servicer vun der Educatioun zouzepräifen. Dat ass souwuel fir de Fondamental wéi och fir de Secondaire de Fall. Zousätzlech hunn si Accès zum Microsoft Office 365 (Word, Excel, asw.), mat deem si bis op Première schaffen. All Dateie sinn um Onedrive gespäichert, an dräi bis véier Méint nom Secondaires-Ofschloss gëtt den IAM-Kont deaktivéiert a sämtlech Zougëffer ginn sou annulléiert.

Dat bedeit fir d'Schüler, dass si sech all hir Donnéeën, déi si eventuell op der Uni nach missten oder wéilte consultéieren, anerwäerts späichere mussen an dass si d'Donneeën net méi onbedéngt do hunn, wou si se brauche respektiv wou si se zu all Zäitpunkt kënne consultéieren. Dobäi kënnt, dass si dann och kee gratis Accès zum Microsoft Office 365 méi hunn, an domat och keen Accès méi zu der gewinnter Software.

An deem Kontext wéilt ech folgend Froen un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend an un den Här Minister fir Héichschoul a Fuerschung stellen :

- Hält den Här Minister et fir sënnvoll, fir deene Schüler, déi sech nom Secondaires-Ofschloss op enger Uni oder eng Héichschoul aschreiwen, den IAM-Kont weider aktivéiert ze loossen an de Studenten esou den Accès op hir Dokumenter weiderhin z'erlaben ?
- Wa jo, vu wéini u wier dat méiglech a wéi géif dat praktesch oflafen?
- Wann net, firwat net ?
- Besteet och d'Méiglechkeet, fir de Studente weiderhin e gratis Accès zur noutwendeger Software ze ginn ?

Här President, ech bieden Iech, mäin déifste Respekt unzehuelen.



Martine Hansen
Co-Fraktiounspresidentin



**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend a Minister fir Héichschoul a Fuerschung,
Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 6533 vun der honorabeler Deputéierter Martine
Hansen**

Den IAM-Kont vun alle Schülerinnen a Schüler, déi hire Secondaires-Ofschloss gemaach hunn, gëtt den 31. Dezember vum neie Schouljoer definitiv desaktivéiert. Wärend dëse Méint kënnen d'Schülerinnen an d'Schüler weider op hiren E-Mailkont an hir Dokumenter op der *Microsoft-365*-Plattform zougräifen, esou datt den Aschreiwungsprozess op eng Universitéit oder Héichschoul nach heiriwwer kann ofgewéckelt ginn.

Weider bleift de Schülerinnen a Schüler genuch Zäit, fir sämtlech Donnéeën aus der *Microsoft*-Cloud ze recuperéieren, dëst entweder op engem USB-Stick oder op engem private Laptop respektiv Computer. All Schülerinnen a Schüler aus den Ofschlossklasse gi laang am Virfeld via E-Mail iwwer dës Deadline informéiert a gebieden, hir Dokumenter aus der Cloud ofzespäicheren.

Déi allermeescht Unien an Héichschoulen offréieren de Studenten direkt no der Aschreiwung den Accès op eng eegen Uni-Cloud, iwwer déi d'Uni exklusiv kommunizéiert. Hei kritt d'Studentin oder de Student an der Reegel, nieft enger Rei vun digitale Servicer a Software, eng eegen E-Mails-Adress a kann och Dokumenter ofspäicheren.

Deemno mécht et kee Sënn, den Accès op d'*Microsoft-365*-Cloud vum Centre de gestion informatique de l'éducation (CGIE) weider oprechtzehalen. Dëst wär „double emploi“ a géif d'Lizenzkäschten, esouwuel fir den IAM-Kont wéi fir d'*Microsoft*-Cloud iwwer Joren dramatesch impaktéieren, onofhängeg dovun, ob d'Studentin oder de Student se benotzt oder net.

Lëtzebuerg, den 2. September 2022

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH